PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Wéi Tageblatt an d'Wort mellen, steet d'Asbl Benu vun Esch, déi sech op Kreeslafwirtschaft spezialiséiert huet, mat hire 40 Mataarbechter kuerz virun der Insolvenz. Et gouf Konventioune mat der Stad Esch an dem Ëmweltministère, mee duerch Kommunikatiounsfeeler schéngt et wéi wann net kloer gewiescht wier, wien Benu hätt solle mat wéi vill Geld ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng änlech Projeten, wéi de Benu existéieren, nach am Land? Ass de Staat och an dëse Projeten impliziéiert? Wa jo, wat fir finanziell Mëttel stellt de Staat hei zur Verfügung?
2. Wéi vill Mataarbechter bei Benu sinn direkt iwwert d'ASBL agestallt? Wéi vill sinn iwwert Aarbechtsmoossnahmen bei der ADEM agestallt?
   Falls sech beim Benu d'Situatioun finanziell net verbessert an de nächsten Deeg a Wochen, wäerten d'Ministere versécheren, dass aner Initiative dës Mataarbechter iwwerhuelen?
3. Wéi evaluéiert d'Ministesch d'Resultater vum Projet Benu no 5 Joer?
4. Hunn, ausser dem Ëmweltministère an der Gemeng Esch, nach aner Acteuren an de Projet Benu investéiert? Wa jo, wien a wéi een Undeel?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten